# Veräiner a Vereenegungen



# Index


**2** *Kommissioun vam Zesameliäwen Èlwen*

**3** *Zesummeliewen Kommissioun Wäiswampech*

**5** *Amicale vam Drëtten Alter*

**6** *Antenne Collective Weiswampach asbl.*

**7** *Archers du Nord*

**8** *Association Portugaise de Troisvierges*

**9** *Auto-Cross-Team Weiswampach*

**11** *Cercle hippique de l'Oesling*

**12** *Chorale Sainte-Cécile Holler-Bënzelt-Bréidelt*

**13** *Chorale Ste Cécile Wäiswampich*

**14** *Ciné Orion asbl*

**15** *CIS Èlwen & Amicale vam CIS Èlwen*

**16** *Dëschtennis Èlwen*

**17** *Elterevereenigung Wäiswampich*

**19** *Fraen a Mammen - Gemeng Wäiswampech*

**20** *Gaart an Heem - Gemeng Èlwen*

**21** *Gaart an Heem - Holler, Benzelt, Bréidelt a.s.b.l.*

**22** *Gaart an Heem - Wäiswampich, Beeler an Leetem*

**23** *Guiden a Scouten St Benoit Cliärref*

**25** *Jeunesse Bënzelt - Holler - Bréidelt*

**26** *Jeunesse va Wäiswampich*

**27** *Jugendpompjeeën CIS Wäiswampich an Èlwen*

**29** *Jugendtreff Norden – Anne asbl*

**30** *LëtzCare*

**31** *Musée Binsfeld - Syndicat d'Intérêts Binsfeld-Holler-Breidfeld asbl*

**32** *Sänger van der Heid - Holler, Benzelt, Bréidelt*

**33** *Schwamm a Spaas Elwen*

**34** *Syndicat d'initiative et de tourisme Weiswampach, Beiler, Leithum*

**35** *Wämper Musik*

**Kommissioun vam Zesameliäwen Ëlwen**
adumont@pt.lu

Mir sinn do fir Iech nozelauschteren, a fir gutt mat jidderengem ze kommunizéieren

**Zesummeliewen Kommissioun Wäiswampech**
commission.integration@weiswampach.lu

- fir ee besser t'Zesummeliewen!

- **Mario Glod**, Huldang, Präsident
- **Sonja Aubart** épouse Siebenaller, Huldang, Vize-Präsident
- **Cinda DENIS Simões**, Ëlwen
- **André Dumont**, Ëlwen, Sekretär
- **Guy Felten**, Wilwerdang
- **Aly Grashoff**, Huldang
- **Ingrid Hoffmann** épouse Scholzen, Ëlwen
- **Paul Kalbusch**, Beesslek
- **Joy Siebenaller**, Huldang
- **Agnès Voermans** épouse Poupart, Ëlwen
- **Tassadit Zamoum**, Ëlwen

- **Safet Alili** - Mäin Numm ass Safet ALILI, ech si 55 Joer al, kommen aus Nordmazedonien a liewe säit bal 33 Joer zu Lëtzebuerg. Als Student sinn ech op Wäiswampech komm an hu meng beruflech Carrière als Buschauffer ugefaangen. Opgrond vu gesondheetleche Problemer huet sech mäi Liewensstil ganz staark geännert. Doropshin hunn ech meng Zäit de sozialen Aktivitéite gewidmet. Ech war Deel vu verschiddene Kommissiounen, wéi zum Beispill der Auslännerkommissioun, der Kulturkommissioun an dem Exekutivcomité vum Fussballsveräin F.F. Norden 02. Mäi Schwéierpunkt loung op der Lëtzebuerger Sprooch an dofir hunn ech an Zesummenaarbecht mat der Landakademie bis elo 35 Coursen, fir d'Lëtzebuerger Sprooch ze léieren, organiséiert. Schliisslech sinn ech och als President vun der LëtzCare a.s.b.l. aktiv. Als Organisatioun hu mir 3 humanitär Projete fir Nordmazedonien ëmgesat. Dëst mam kloren Zil, engersäits de Leit ze hëllefen an anerersäits Lëtzebuerg am beschte Liicht ze presentéieren.
- **Nicolas "Néckel" Polfer** - Buergermeeschter an Präsident vun der Kommissioun. No 20 Joer am Ausland, sinn ech 2018 mat der Famill rëm zréck op Lëtzebuerg komm. Mir wunnen op der Maulesmillen, an ech schaffen als Chimisproff am Atheneum an der Stad. An ménger Fräizäit ginn ech gär an de Bësch spazéieren, oder schaffen un Projeten um Haus.
- **Barbara Venancio** - Ech sinn hei am Land gebuer, an an der Gemeng Weiswampach grouss ginn. Ech wunnen zesummen mat mengem Mann an mengen 2 Meedercher zu Benzelt. Ech schaffen seit iwert 10 Joer am Crècheberaich an sinn aktuell Chargée de direction an enger Crèche. Meng Hobbyen sinn treppelen goen an schéin Momenter mat der Famill ze verbrengen.
- **Annick Arend** - Ech sen zu Wampich opgewaass a 29 Joer mi spéit na ëmmer enk mam Duarref verwurzelt. Meng Études han ech zu Köln absolvéiert, han engt Auslandssemester zu New York gemat a se seit baal 4 Joer am sozialen Sekteur tätig. Meng gruuss Leidenschaft ass d'Reesen, well et fir mech näist mi beräicherendes gëtt wi anner Kulturen an hire Mindset kennenzelieren a mer dat engt Geféil va Fräiheet gett.
- **Noro Hariliva Randrianoelina** - Ech kommen aus Madagascar, ech sinn zenter 2003 zu Lëtzebuerg. Ech wunnen op der Wemperhardt, an ech schaffen an der Maison Relais zu Déifferdeng als Aide Educatrice. Ech schaffen och bénévole an Trisomie 21 asbl, an fir t'Roud Kräiz.

# Amicale vam Drëtten Alter Gemeng Elwen



**Ween se der a wat maacht der?**

Club vun eelern Menschen dei sech treffef fir zesummen ze schwätzen, essen , Kaart ze spillen an Ausfliich ze maan.

**Wi giffen eech anner Verenger an 3 Wierder beschreiwen?**

Senioren, Ausflich, Gesellschaftspiller

**Wat muss e matbrengen fir bei eech Member ze gin?**

Gesellig sen, soss keng weider Unfuerdungen.

**Wat fir engt Fest/Aktivitéit ass all Joers een Highlight bei eech?**

Journée grand Âge.

**Wi gesegt e klassischen Verengsowend bei eech aus?**

Mettestreffen, zesammen essen, spillen, schwätzen, ob Ausflich goen

**Du has na net ëmgebleedert? Dann zéck net a mell dech bei eis:**

Christiane Stempel

Tel: 621 142 339

# Antenne collective Weiswampach asbl



**Mer sin** d'Antenne Collective Weiswampach asbl.

**Mir stinn fir** den Empfang vu Fernseh a Radiosignaler, a leede se un eis Memberen weider. En Dengschtleeschter iwwer 40 Joer op fräiwëlleger Basis.

**Mir maan**

Verwalten an ënnerhalen eist eegent Netzwierk an Kapstatioun, machen Gérance vun de Fongen, bezuehlen Rechnungen an iwwerweisen Autorerechter vun eise Memberen un SACEM.

**Wann Dir interesséiert sidd Member ze ginn oder dem Comité bäizetrieden,**

kontaktéiert wegl. de Jean-Paul Mainz 24, Cité Grait L-9992 Weiswampach

oder iwwer Telefon respektiv per E-Mail

Jean-Paul Mainz

Tel: 621 151 670

E-Mail: jpmainz@pt.lu







# Archers du Nord



**Mer sin** e Sportsverein fir Bouschéissen.

**Mer maan**

- Initiatioun am Bouschéissen
- Organisatioun vu Kompetitiounen

**Bass du interesséiert?**

E-Mail: archersdunord@pt.lu

# Association Portugaise de Troisvierges

**Mer sin**

Eng kulturell Associatioun, déi Leit portugisescher Ofstamung zesummebréngt, mee och all déi, déi schéin Momenter vu Gesellegkeet a vun Entdeckung wëlle mat eis deelen.

**Mir stinn fir**

Eng dynamesch Communautéit, déi d'portugisesch Kultur ervirhëlt an dobäi den Austausch an d'Integratioun am lokale Liewen fërdert.

**Mir maan**

Geselleg Owender, traditionellt Iessen, kulturell Evenementer a mir huelen aktiv un de lokale Manifestatiounen deel.

**Bass du interesséiert?**

Loscht nei Kulturen z'entdecken, sympathesch Leit kenne ze léieren an flott Momenter ze deelen? Da komm bei eis!

Tania Lopes

Tel: 691 81 63 02

E-Mail: aptroisvierges25@outlook.com

APT
Associação Portuguesa de Troisvierges





# Auto Cross Team Weiswampach



**Ween se der a wat maacht der?**

Auto Cross Team Weiswampach

D'Team gouf am Joer 2022 gegrënnt, mir haten dee Moment d'Iddi, dëst Team ze grënnen, fir Wäiswampech am Auto-Cross ze representéieren. Gegrënnt gouf de Veräi vun 3 Leit, déi bis haut nach ëmmer am Comité sinn.

De Präsident Hary Tom, an och de Moment den eenzege Fuerer bei eis am Veräin, kënnt aus dem Rennsport (Stockcar) an ass vum Stockcar zum Auto-Cross iwwergaangen. Hien ass mat sengem BMW E36 Compact an der Klass Serientouren iwwer 1600ccm gefuer. Am Joer 2023, iwwer d'Ouschtere goung hien déi éischte Kéier zu Krautscheid un de Start.

Am Joer 2024 si dann nach 4 Leit an de Veräin derbäi komm, déi eis bei de Veräinsaktivitéiten (Dag vun den oppenen Dieren), déi mir organiséieren, hëllefen oder am Atelier no all Coursse d'Courseautoen nees rennfäerdeg maachen.

Am Joer 2025 ass den Tom mat sengem neie Gefier Audi A3 Quattro an enger neier Klass un de Start gaangen. Et ass dann nach derbäi komm, dass d'Auto-Cross-Team Weiswampach zesumme mam MW-Motorsport en Team aus Däitschland, besteeënd aus 4 Fuerer aus anere Klassen, zesumme fiert an sech géigesäiteg hëllefe wann et ëm d'Coursse geet oder souguer virun an no de Courssen.

**Wi giffen eech anner Verenger an 3 Wierder beschreiwen?**

Autosport, Courssen, Spaass

**Wat muss e matbrengen fir bei eech Member ze gin?**

- Begeeschterung fir Autosport
- Gutt Laun
- Hëllefsbereet an e bëssen Wëssen an der Mechanik

**Wat fir engt Fest/Aktivitéit ass all Joers een Highlight bei eech?**

Dag vun der openenen Dieren am Ufank vum Joër mat Ausstellungen vun Gefierer aus der Auto-Cross-Szene.

All Course, bei déier mir dobäi sinn.

**Wi gesegt e klassischen Verengsowend bei eech aus? Beschreiw et anhand van 3 Emojis.**



**Du has na net ëmgebleedert? Dann zéck net a mell dech bei eis:**

Tom Hary, Präsident

Tel: 661 744 827

E-Mail: infos@act-weiswampach.com





# Cercle Hippique de l’Oesling



**Ween se der a wat maacht der?**

Mir sen de Reitveräin Cercle hippique de l’Oesling a mir organiséieren Dressur- a Spangturnéieren, Reitstagen an Trainingen.

**Wi giffen eech anner Verenger an 3 Wierder beschreiwen?**

Lësteg, engagéiert, motivéiert

**Wat muss e matbrengen fir bei eech Member ze gin?**

Bei eis ass all Mënsch wëllkomm - och ouni Päerd.

**Wat fir engt Fest/Aktivitéit ass all Joers een Highlight bei eech?**

Eist Turnéier, den Jumping Weiswampach am Juli.

**Wi gesegt e klassischen Verengsowend bei eech aus? Beschreiw et anhand van 3 Emojis.**



**Du has na net ëmgebleedert? Dann zéck net a mell dech bei eis:**

Roger Leyder

Tel: 691 43 32 17

E-Mail: info@jumping-weiswampach.lu

# Chorale Sainte-Cécile Holler-Bënzelt-Bréidelt

GEMENG WÄISWAMPECH



**Mer sen**

Eise Männerchouer Holler-Bënzelt-Bréidelt guff am Jor 1939 gegrënnt. Dank engem Grupp van Idealisten wor et miglich, bis hokt als Männerchouer ze iwwerliäwwen. Eis Sänger sangen o gären an dräi verschidde gemëschte Chéier, mee si sënn ëmmer fru als Männerchouer opzetrëdden.

**Mer maan**

Begräfnismasse sange mer zesame mat der Chorale va Wampich, der Chorale Hengescht-Fëschbich-Kaalber an de Sänger van der Héid. Su ha mer ëmmer eng goud Ekipp beieneen fir een anspruchsvolle Programm sangen ze konnen. Hipunkt fir eis sënn ëmmer d'Kirmesmassen an den Diärrefer. Mer sange sugoud weltlich wi kirrichlich Léider, wi z.B. de 4. Oktober dëst Jor, wu mer am Bënzelter Musée opgetrodde sënn.

**Bass du interesséiert?**

Wann der bei äis wëllt matman, da wir et goud, wann der Spass am Sangen hätt an eng bëssche goud Stëmm.

Jean-Paul Welter, Holler

Tel: 998112

Op der Foto:
1. Rei: Francis Welter, Sandy Kirtz, Jean-Paul Welter, Hilaire Johanns, Jean-Marie Braquet
2. Rei: Jean Sadler, Fred Huet, Daniel Lamesch, Marcel Sietzen
3. Rei: Romain Thill, Edmond Kremer, Ervé Gabriel, Gérard Lamesch, Serge Jacobs
Et feelen: Ralph Braquet a Romain Kremer

Eise Comité:
President: Jean-Paul Welter
Vizepresident an Tresorier: Sandy Kirtz
Sekretär: Edmond Kremer
Memberen: Hilaire Johanns a Jean-Marie Braquet





GEMENG WÄISWAMPECH

# Chorale Ste Cécile Wäiswampich



**Mirr sen**

Eise gemëschte Chouer, gegrënnt am Jôr 1976, besteht momentan aus 26 Sänger*innen, die sech zesaamen als Aufgab gesatt hann, kirichlich a weltlich Veranstaltungen gesanglich ze emrahmen an ze verschingeren.

**Mirr sangen**

- Gottesdéinster, die an der Wämper Kirich stattfannen (Samsdesowes)
- kirichlich Feierdeeg
- Huzecktsmassen (op Aafroj)
- Kanddeef (op Aafroj)
- Begräfnismassen
- geestlich a weltlich Concert'en

Eis Prouwen sën normalerweis eng Kéier wöchentlich, donnesdes van 20 bis 21:30 an der Kirich zu Wampich. Noutelie'er/Solfège ass nët erforderlich - jiddereen deen Lost a Spass am Sangen hatt, ass ganz härzlich wëllkomm.

**Mirr béiden**

- een't flott Zesaamensën suwie t'Mieglichkeet Deng Begeesterung fir Musik a Gesang, an enger frëndschaftlicher Ambiance, matt Anneren ze deelen
- gemütlich Fester an Ausflij

**Bass du interesséiert,** dann zëck nët a meld Dech jiären bei enger van eisen Kontaktpersounen:

Edmond Kremer, Dirigent

Tel: 621 360 745

Carine Kremer-Landers, Sekretärin

Tel: 621 360 744

Chorale Ste Cécile Weiswampach

# Ciné Orion asbl



**Mer sën** eng Asbl di de regionale Kino aus dem Nordem am Liäwwen an am Lofen hält.

Mer sën 28 Memberen, di aafwiäselnd aktiv am Asatz sënn fir all Daag kënnen den Zuschauer een aktuelle Film an engem moderne Kino ze weisen.

**Mer stinn fir** eng regional Offer van der cinématografischer Konst.

**Mer maan** all Daag eist Best: :-) an der Technik, an der Billeterie oder hannert dem Comptoir.

Mer béiden e flotte Kader fir bénévol Mataarbichter. Am Géigenzuj kann all Member gratis all Film kucken goen.

**Bass du interesséiert fir bäi eis matzeschaffen?**

Dat giff eis enorm freeën, well all Member mi, erliichtert d'Organisatioun van de villen „Service"-Asätz di bei eis nigdig sën fir eis Kinoséancen ze garantéieren.

Dif Differding

Tel: 661 99 88 31

E-Mail: difdif@orion.lu



Fräizäit

# CIS Ëlwen & Amicale vam CIS Ëlwen



**Ween se der a wat maacht der?**

Mer sen d'Pompjeën van Ëlwen. Zu engem Deel hëllefen mir den Leit an Nout, sief et bei medizinischen Noutfäll als och bei Bränn oder Accidenter. Mat der Amicale maachen mir all dei mei festlëch Aktiviteiten wei z.B. d'Buergbrennen.

**Wi giffen eech anner Verenger an 3 Wierder beschreiwen?**

Disponibel, motiveiert, verantwortungsvoll

**Wat muss e matbrengen fir bei eech Member ze gin?**

Motivatioun, Zäit, eng gewëssen Grondfitness, Verantwortung

**Wat fir engt Fest/Aktivitéit ass all Joers een Highlight bei eech?**

D'Buergbrennen as all Joers engt flott Fest !

**Wi gesegt e klassischen Verengsowend bei eech aus? Beschreiw et anhand van 3 Emojis.**

💪 🇨🇭 👥

**Du has na net ëmgebleedert? Dann zéck net a mell dech bei eis:**

Ké Zoenen

Tel: 49771 5151

E-Mail: ke.zoenen@cgdis.lu

# Cri du coeur



**Mer sen**

Eng Lëtzebuerger Associatioun gegrënnt 2012, déi temporär Aktivitéiten- anTreffenzentren fir Kanner a Familljen zu Lëtzebuerg an an Afrika schaaft. Se ënnerstëtzt an hëlleft Kanner a Familen an enger vulnerabeler Situatioun.

**Mir stin fir** d'Wäerter vun der Valorisatioun vu Kanner a vulnerabele Persounen, sozialer Kohäsioun an derPromotioun vun der Kultur.

**Mer man**

- Multikulturell Marchen zu Lëtzebuerg an an Afrika;
- Kolonien a Aktivitéite fir Kanner an Afrika an zu Lëtzebuerg;
- E multikulturellen Neijoerschfeier all 31. Dezember all Joer zu Lëtzebuerg, wou mir eis järlech Aktivitéite virweisen.

**Bass du interesséiert?**

Gëff Member vum Cri Du Cœur Monde ASBL andeems der eng järlech Cotisatioun bezuelt:
- 20 Euro fir e Member
- 50 Euro fir e Premium Member

Oder ënnerstëtzt eis Aktioune mat enger Spend.

Tel: 661 730 312

E-Mail: cridcoeur@yahoo.fr





# Dëschtennis Ëlwen



**Ween se der a wat maacht der?**

Mer trainéieren 1-2 Mol d'Wosch (Kanner/Erwaasen) Pingpong.

Eis Saison geet van September bis Abrëll.

**Wi giffen eech anner Verenger an 3 Wierder beschreiwen?**

Sympathisch, gesëllich & fair

**Wat muss e matbrengen fir bei eech Member ze gin?**

Spaß aam Sport an Lost nom Training/Match een gemüttlichen Owend ze verbrengen.

**Wat fir engt Fest/Aktivitéit ass all Joers een Highlight bei eech?**

D'Grillfest an Interclub fir den Afschloss van der Saison.

**Wi gesegt e klassischen Verengsowend bei eech aus? Beschreiw et anhand van 3 Emojis.**

🏓 🍕 🍻

**Du has na net ëmgebleedert? Dann zéck net a mell dech bei eis:**

Tom Stephany

Tel: 621 257 490

E-Mail: stephany@pt.lu

# Elterenvereenigung Wäiswampich



**Ween se der a wat maacht der?**

Mer sen Elteren vun Kanner aus der Wämper Schull, dei Freizeitaktivitéiten fir Kanner organiseieren.

**Wi giffen eech anner Verenger an 3 Wierder beschreiwen?**

Spass, familienfrendlech, open

**Wat muss e matbrengen fir bei eech Member ze gin?**

All Elteren die Kanner an der Wämper Schull hun, ab C1, können eisem Verein beitrieden dest am Komitee (wann eng Platz fräi ass, de Komitee besteet aus max.9 Leit) oder an eisem Helfergrupp. Soll een motiveiert sen mat anneren Elteren flott Aktiviteiten ze organiseieren, dest natirlech mat an fir seng an all Kanner an sou soll jidfereen Spaass hun an eng flott Zäit zesummen verbrengen.

**Wat fir engt Fest/Aktivitéit ass all Joers een Highlight bei eech?**

Kannerfaasbal

**Wi gesegt e klassischen Verengsowend bei eech aus? Beschreiw et anhand van 3 Emojis.**





Fräizäit

**Du has na net ëmgebleedert? Dann zéck net a mell dech bei eis:**

Bei engem Komiteesmember (Elisabeth dos Santos, Eva Maria Palm, Anja Mousel, Eric Palmeiro, Gina Streicher, Françoise Olinger, Ina Wolff, Sandra Terni) oder beim

Jessica Classen, Presidentin

Tel: 691 711 229

Wanns du eis Projeten finanziell wëlls ënnerstëtzen, kanns du dat mam Kaf vun enger Memberskaart maan 15€/Famill/Joer oder andeems du eis eppes fir Tombola sponsers.

# Fraen a Mammen Gemeng Wäiswampech



**Mer sen** d'Fraen a Mammen Gemeng Wäiswampich.

1976 goufen d'Fraen a Mammen Holler, Bënzelt, Bréidelt gegrënnt. Am Loof van den Joeren sën o Frauen van Wäiswampich, Beeler a Leetem Member giän. An der Generalversammlung 2013 gouf beschloss den Naam op Fraen a Mammen Gemeng Wäiswampich emzeänneren.

De Veräin hat 98 Memberen an dovan sën 11 Frauen am Komitee.

**Mer stinn fir**

Durich verschidden Aktivitéiten wëlle mir den Zesamenhalt an eisen Diärrfer förderen.

**Mer man**

- Waffelen baken, Kaffiskränzchen,
- Schnittercher a Bréidercher garnéieren, Ierewëng zervéieren,
- all Joer eng Chèque-Iwerreechung fir e gouden Zweck,
- all Joer e klengen Don fir den Télévie an den Téléthon,
- all Joer en Ausfluch.

Ween bei eis Member ass, deen krët 4 mol am Joer Zeitung „Marienland" van eisem Dachverband ACFL (Action Catholique des Femmes du Luxembourg) geschëkt.

**Bass du interesséiert?** Da kanns du mat 15 Euro Beitrag Member bei eis giän.

Marie-Paule Johanns-Hamer, Präsidentin

Tel: 621 691 330

E-Mail: johannsh@pt.lu





# Gaart an Heem Ëlwen




**Mer sen** de Gaart an Heem van Elwen.

**Mer stin fir** Bloumen -Geméisgaart - Obstbeem.

**Mer man** all Joer eng Mamendagsfeier -bewärten d'Bloumendeco op den Häiser -dozou verdeele mer Präisser an mer hellefe bei Gemengen Aktiviteiten wegder bigde mer o verschide Couren an zb. Bloumesteckcoure passend zur Joreszäit.

**Wann Dir interesséiert sidd bäizetrieden:**

Henriette Turmes-Schmitz

Tel: 997216 / 612166697

E-Mail: turmesre@pt.lu

# Gaart an Heem
# Holler, Bënzelt, Bréidelt asbl



**Mer sen** Gaart an Heem Holler, Bënzelt, Bréidelt a.s.b.l.

1953 gouf den Veräin gegrënnt.

De Veräin hat 90 Memberen an dovan sën 8 Lëkt am Komitee.

**Mir wëllen** durich verschidden Aktivitéiten eis Memberen dozou areegen Geméis an Bloumen als Hobby aanzeplanzen (Fräizektbeschäftigung) an domat eis Diärrfer ze verschingeren. Mir probéieren durich Fester d'sozialt Liäwen an den Diärrfer ze förderen.

**Mer man**

- Antoniusfest mat Kënnbackestee zu Bënzelt an Eessen zu Beeler, all Joer am Januar,
- Hëllefen bei der Gruussbotz an deenen 3 Diärrfer,
- Fir Mammendaag iwerreechen mir eise Mammen e klenge Kado,
- Bloumebeet zu Bënzelt an Bloumen viran der Kirich zu Bënzelt giän ënnerhaalen,
- Ausflich.

Als Member krët een 4 mol am Joer eng Zeitung van der Ligue vam Gaart an Heem mat nëtzlichen Informatiounen fir den Gaart.

**Bass du interesséiert?** Da kanns du mat 15 Euro Beitrag Member bei eis giän.

Hilaire Johanns, Präsident

Tel: 691 846 414

E-Mail: johannsh@pt.lu





# Gaart an Heem
# Wäiswampich, Beeler an Leetem



**Mer sen** Gaart an Heem, Wäiswampich, Beeler an Leetem

Eise Vereng besteet seit 1935, an mir gehéieren der Ligue CTF aan.

Mir hann 108 Memberen an dovan 9 Komitésmemberen.

**Mer man**

- Gestioun vam Gemengegaart,
- Boomschnëtkur,
- Koschkur,
- Kéisowend,
- Wengprouf,
- Spazéiertour, all Mount,
- Een Tour fir all eis Memberen,
- Participatioun op d'Veranstaltungen van der Ligue, an van den nopisch Verenger,
- Participatioun op lokalen Veranstaltungen.

**Bass du interesséiert?**

Marc Bingen

Tel: 661 600 040

E-Mail: m.bingen@hob.lu

# Guiden a Scouten St Benoit Cliärref



**Ween se der a wat maacht der?**

Mer sënn d'Cliärrwer Scouten.

Mer sënn ronn 70 Kanner a Jugendlecher (an eng Portioun motivéiert Chef*innen), déi all Woch zesummekommen, fir Zäit mateneen ze verbrengen. Ob Schnëtzen, Kachen, Bastelen, de Bësch entdecken oder einfach zesamme laachen – bei eis ass ëmmer eppes lass.

**Wi giffen eech anner Verenger an 3 Wierder beschreiwen?**

Spaass, Frëndschaft, Aktioun

**Wat muss e matbrengen fir bei eech Member ze gin?**

Loscht op Abenteuer, e bëssen Dreck ofkënnen, an ëmmer prett sënn, eppes Neies ze probéieren!.

**Wat fir engt Fest/Aktivitéit ass all Joers een Highlight bei eech?**

Ganz kloer: de Camp!

Van deene Klengsten (Biber - ab 6 Joer) bis bei déi Grouss (CaraPio – bis 17 Joer) – mer schlofe van 4 bis 14 Deeg an Zelter, kachen op Feier, entdecken nei Plazen (och am Ausland!) a sammelen Erënnerungen, déi ee ni vergësst

**Wi gesegt e klassischen Verengsowend bei eech aus? Beschreiw et anhand van 3 Emojis.**

🤗 🔥 ⛺

(= Frëndschaft, Lagerfeier, Zelt – wat wëlls de méi?)





**Bass du prett fir matzemaan?**

Dann komm einfach kucken!

Mëtt September hann mer eng Schnupperversammlung, wou s de alles ausprobéiere kanns. An falls de den Termin verpasst – kee Problem: och iwwert d'Joer kanns de einfach an eng Versammlung schnupperen kommen!

Schroeder Selina

Tel: 661 790 522

E-Mail: info@klierf.lgs.lu

# Jeunesse
# Bënzelt, Holler, Bréidelt



**Ween se der a wat maacht der?**

Mer sen een Veräin van jonke Lekt di afgesehn van engem Bal o traditionell Eventer organiséieren wi d'Kiermes, d'Burrigbrennen oder den Mai Kranz.

**Wi giffen eech anner Verenger an 3 Wierder beschreiwen?**

Engagéiert, spontan an authentisch

**Wat muss e matbrengen fir bei eech Member ze gin?**

Min. 16 Joer an Motivatioun.

**Wat fir engt Fest/Aktivitéit ass all Joers een Highlight bei eech?**

Eisen Usterbal, den Adventspatt an säit letztem Joer o eisen Trëppeltour am Summer.

**Wi gesegt e klassischen Verengsowend bei eech aus? Beschreiw et anhand van 3 Emojis.**

🍻 🚀 💃

**Du has na net ëmgebleedert? Dann zéck net a mell dech bei eis:**

Amélie Koch

Tel: 621 395 445

E-Mail: jeunessebhb@yahoo.com



# Jeunesse va
# Wäiswampich




**Ween se der a wat maacht der?**

Mir sinn d'Jeunesse va Wäiswampich, mir organiséiren Baaler, d'Kirmes, d'Buergbrennen, trëffen eis an eisem Sall an ginn zësummen raus.

**Wi giffen eech anner Verenger an 3 Wierder beschreiwen?**

Jonk, dynamesch an COOL

**Wat muss e matbrengen fir bei eech Member ze gin?**

Min. 16 Joër aal sinn an net bestued sinn.

**Wat fir engt Fest/Aktivitéit ass all Joers een Highlight bei eech?**

Den Legendären HOUSE vs ROCK AM SEE.

**Wi gesegt e klassischen Verengsowend bei eech aus? Beschreiw et anhand van 3 Emojis.**

🎶 💃 🍹

**Du has na net ëmgebleedert? Dann zéck net a mell dech bei eis:**

Tom Pereira

Tel: 691 237 283

E-Mail: jeunesse-wwp@hotmail.de



# Jugendpompjeeën CIS Wäiswampich an Ëlwen



**Ween se der a wat maacht der?**

Mir sënn d'Jugendpompjeeën CIS Wäiswampich an Ëlwen – eng motivéiert a dynamesch Jugendequip am Alter tëschen 7 a 16 Joer, déi sech fir den Rettungsdéngscht interesséieren.

Bei eis léiere mir net nëmmen déi technesch Grondwësse vum Pompjeeën, mee mir setzen ee groussen Akzent op Teamgeescht, Engagement, Sport an Zesummenhalt.

Nieft de prakteschen Übungen organiséiere mir o flott Aktivitéite wéi ee Camp, Rallyen, verschidden Ausflich,… a mir hualen un enger Schwammmeeschterschaft an um Cross deel.

**Wi giffen eech anner Verenger an 3 Wierder beschreiwen?**

Hëllefsbereet, dynamesch, Teamwork

**Wat muss e matbrengen fir bei eech Member ze gin?**

Fir bei eis Member ze ginn, muss de virun allem Motivatioun an Interessi un Zesummenhalt, Hëllefsbereedschaft an dem Pompjeeswiesen matbréngen.

Du solls bereet sinn, nei Saachen ze léieren, am Team ze schaffen a reegelméisseg un Aktivitéiten deelzehuelen.

Alter: ab 7 Joer kanns du bei Jugendpompjeeën kommen.

Keen Virwëssen néideg – just Freed um Matmaachen!

**Wat fir engt Fest/Aktivitéit ass all Joers een Highlight bei eech?**

24h-Übung, Camp, Fräizeitpark





**Wi gesegt e klassischen Verengsowend bei eech aus? Beschreiw et anhand van 3 Emojis.**

🚒 👨‍🚒 🔥

**Du has na net ëmgebleedert? Dann zéck net a mell dech bei eis:**


Nadia Huet

Tel: 691 839 096

E-Mail: huet_nadia@hotmail.com




# Jugendtreff Norden Anne asbl



**Ween se der a wat maacht der?**

De Jugendtreff Norden ass ee regionale Jugendservice fir Jonker tëschent 12 a 26 Joer. Nieft senge Jugendhaiser zu Ëlwen, Clierf an Housen bitt de Jugendtreff Norden iwwert d'ganzt Joer Aktivitéiten, Formatiounen a Kolonien un, déi sech un de Besoin'en vun de Jonken orientéieren.

**Wi giffen eech anner Verenger an 3 Wierder beschreiwen?**

Oppen, empathesch, vilfälteg

**Wat muss e matbrengen fir bei eech Member ze gin?**

Et muss een tëschent 12 a 26 Joer al sinn an eng Membersfiche ausfëllen … Gutt Laun a Motivatioun sinn bei eis och ëmmer wëllkomm :-)

**Wat fir engt Fest/Aktivitéit ass all Joers een Highlight bei eech?**

Ganz beléift sinn eis pädagogesch Projet'en, déi vu Joer zu Joer variéieren. Awer och klassesch Sortien, wéi Aqualand, Europapark, Trampolinhall oder Kloterpark si gutt besicht.

**Wi gesegt e klassischen Verengsowend bei eech aus? Beschreiw et anhand van 3 Emojis.**

Dës 3 Emojis sinn eis am Alldag mat de Jonke wichteg: 🌱 🧡 👂

**Du has na net ëmgebleedert? Dann zéck net a mell dech bei eis:**

Nathalie Schmitz

Tel: 621 254 766

E-Mail: direction.jsic@elisabeth.lu

# LëtzCare





**Mer sen**

Eng humanitär Organisatioun mat Sëtz zu Weiswampach, déi sech asetzt fir Solidaritéit, Ënnerstëtzung a Mënschewürd do ze bréngen, wou et am meeschte gebraucht gëtt.

**Mer stin fir**

- Persounen mat speziellen Besoinen
- Eeler a krank Persounen
- Kanner mat Entwécklungsstéierungen
- Spideeler, Schoulen an Associatiounen

**Mer man**

- Méi wéi 5 erfollegräich Projeten ofgeschloss
- Donen u medezinescht a bildungstechnescht Material an iwwer 20 Gemengen
- Offiziell Member vum Info-Handicap Conseil national zu Lëtzebuerg
- Präis fir humanitär Aarbecht, iwwerreecht vun der Presidentin vun Nordmazedonien a Macedonia2025

**Bass du** eng Persoun déi un Mënschlechkeet a Solidaritéit gleeft? Da bass du bei eis richteg!

Safet Alili, President

E-Mail: info@letzcare.eu / safetlux@pt.lu

LëtzCare a.s.b.l.
Luxembourg

# Musée Binsfeld - Syndicat d'Intérêts Binsfeld-Holler-Breidfeld asbl



**Ween se der a wat maacht der?**

Mer sinn den Interesseveräin va Bënzelt, Holler a Bréidelt. Säit mi wi 35 Joer ënnerhale mer zesame mat eisem Personal ee flotte Musée deen dat aalt Duarrefliäwen aus eiser Géigend op authentisch Aart a Weis darstellt. Ausserdeem bedreiwe mer ee modernt Vakanzenhaus wu Gruppe bis zu 20 Persounen onvergeesslich Vakanzen zu Bënzelt verbréngen kënnen.

**Wi giffen eech anner Verenger an 3 Wierder beschreiwen?**

Mat Häerz dobäi <3

**Wat muss e matbrengen fir bei eech Member ze gin?**

Vill Motivatioun, ee staarke Wëllen an Zékt ;-)

**Wat fir engt Fest/Aktivitéit ass all Joers een Highlight bei eech?**

Definitiv Gromperefest, wu mer ee van den Organisatiounsveräiner sinn.

**Wi gesegt e klassischen Verengsowend bei eech aus? Beschreiw et anhand van 3 Emojis.**

🥰 📋 💪

**Du has na net ëmgebleedert? Dann zéck net a mell dech bei eis:**

Fred Huet

Tel: 691 845 662

E-Mail: info@museebinsfeld.lu





# Sänger van der Heid Holler, Bënzelt, Bréidelt



**Mer sen** d'Sänger van der Héid Holler, Bënzelt, Bréidelt.

1987 wor d'Grënnungsversammlung vam Veräin. De Moment së mer zu 21 aktiv Sänger (15 Frauen a 6 Männer).

**Mer stin fir** Zesamenhalt a Geselligkeet a wëllen di kulturel a krëstlich Wiärter lièwig halen.

**Mer man**

- Sangen van den Sonndesmassen zesamen mam Männerchouer,
- Sangen van Houchzäiten, Dôfen, Kirmesmassen…,
- All Joer sangen mer eng Mass an engem Altersheim,
- Bei den Sängertreffen se mer derbäi,
- Hëllefen beim Antoniusfest den Januar,
- All zweet Joer en Ausfluch,
- All Joer eng Chèque-Iwerreechung fir e gouden Zweck.

Ween bei eis aktiv matsengt, deen krët 4 mol am Joer Zeitung „Canticum Novum" vam Piusverband geschëkt.

**Bass du interesséiert?** Da kanns du mat 10 Euro Beitrag Member bei eis giän.

Hass du Freed a Lost fir ze sangen, da freeën mir eis fir dech an eisem Chouer ze begréissen. Prouwen sën Daasdes van 19:30 bis 21:00 zu Bënzelt am Schullsall.

Marie-Paule, Johanns-Hamer Präsidentin

Tel: 621 691 330

E-Mail: johannsh@pt.lu

Sport

# Schwamm a Spaas Elwen



**Ween se der a wat maacht der?**

Merr sën ee Schwammveräin, "Schwamm a Spaass Elwen".

Merr béiden Schwamm – Coursen firr Kanner an Erwassener, Aquagym an Aquabike zu Wëntger an der Schwämm aan, bedingt durich Reparaturen an der Schwämm zu Ëlwen.

**Wi giffen eech anner Verenger an 3 Wierder beschreiwen?**

Aktivitéiten fir jiddereen

**Wat muss e matbrengen fir bei eech Member ze gin?**

Spaass, Lost a Freid sich am Wasser ze bewegen firr senger Gesondheet eppes Goudes ze doon.

**Wat fir engt Fest/Aktivitéit ass all Joers een Highlight bei eech?**

D'Freid van de Kanner, wann déi hirr verdéinten Diplomer om Enn van der Saison iwerreescht kreien.

**Du has na net ëmgebleedert? Dann zéck net a mell dech bei eis:**

Romain Plümer

Tel: 691 580 221



Fräizäit

# Syndicat d'initiative et de tourisme Weiswampach, Beiler, Leithum



**Ween se der a wat maacht der?**

Mir ënnerstëtzen déi lokal Evenementer an touristesch Aktivitéiten an der Gemeng Wäiswampich duerch:

- d'Matorganiséiere vu lokale Manifestatiounen;
- d'Bereetstelle vu Material dat ausgeléint ka ginn (Killwon, Chaleten, Zelter, asw.).

**Wat muss e matbrengen fir bei eech Member ze gin?**

Mir hu Memberen, Sympathisanten a Spender. Jidderee ka Member ginn, ënnert der Bedingung datt d'Cotisatioun bezuelt gëtt.

**Wat fir engt Fest/Aktivitéit ass all Joers een Highlight bei eech?**

All Joer ass den EGT (Europäescht Gespanntreffen) en Héichpunkt. Dëst Joer huet et vum 28. bis den 30. August 2025 stattfonnt; et ware 732 Participante mat 687 Motorrieder mat Seidekärercher dobäi.

**Du has na net ëmgebleedert? Dann zéck net a mell dech bei eis:**

Henri Rinnen, Präsident

Tel: 691 998 493

Jos Vesque, Sekretär

Tel: 661 223 662

E-Mail: syndicat.wbl@hotmail.com

# Wämper Musik
# Société de musique de la commune de Weiswampach



**Mer sen** d´Wämper Musik. Eisen Vereng guff 1888 gegrënnt a besteet aktuell aus 54 aktiven an inaktiven Musikanten.

Seit 2011 ass den Alexandre Brisbois eisen Dirigent. Den Jean Haas ass President vam Vereng.

**Mer stin fir** "Zesammen Musik ze maan" an flott Momenter zesammen ze verbrengen.

**Mer man**

Als musikalisch Veranstaltungen organiseiren mir am Januar emmer eise Gala Concert an am Fréijoer eisen Fréijoersconcert (do spille mir selwer an 2-3 anner Musiken) am Centre Culturel. Van September bis Juli spille mir ewer o anner Concerts an eiser Gemeng, innerhalb Lëtzeburig an o heiansdo am noen Ausland. Mir begleeden kirchlich a weltlich Feierlichkeeten wi d'Kommioun, d'Cäecilienmass an d´Kirmesprossessioun, offiziel Aweihungen, Commémoratiounsfeieren.

Als ausser musikalisch Veranstaltung organiseiren mir am August zesammen mat den Wämper Frënn an dem Celtik Dikkrich den "Wämper Triathlon".

**Bass du interesséiert?**

Jean Haas

Tel: 621 541 158

E-Mail: waemper_musik@pt.lu

Gemeng ËLWEN
TROISVIERGES

GEMENG
WÄISWAMPECH